Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

Präsident vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Mäerz 2024

Här President,

Esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Den 20. Mäerz 2024 war am Luxemburger Wort ze liesen, datt Grenzgänger aus Däitschland, duerch en neit Kooperatiounsofkommes tëschent Lëtzebuerg an Däitschland vum 11. Januar 2024, hir Paien, Gehälter an Zouschléi fir geleeschten Iwwerstonnen an Däitschland réckwierkend vum 1. Januar 2024 u versteiere mussen.

Dat ass e grousse Problem, well de Manktem un Aarbechtskräfte riskéiert sech doduerch a ganz ville Secteuren ze verstäerken, ënnert anerem och am Gesondheetssecteur.

D'Onzefriddenheet bei de Grenzgänger riskéiert sech ze verschlëmmeren an si kéinten duerch déi nei Steierreegele benodeelegt gi par rapport zu Beschäftegter, déi zu Lëtzebuerg wunnen, an zu Grenzgänger aus anere Länner.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär follgend Froe stellen:

1) Wéi vill Grenzgänger aus Däitschland si betraff?
2) Huet d'Regierung eng Statistik, ëm wéi vill Stonnen et sech bei deenen hei zu Lëtzebuerg steierfräie Stonnen (Iwwerstonnen, Weekend- an Nuetsaarbecht) handelt?
3) Wat gedenkt d'Regierung lo ze maachen?
4) Zitt d'Regierung a Betruecht, fir dëst Kooperatiounsofkommes réckgängeg ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert

Fred Keup
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742